LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7043 vum 21. Oktober 2022 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Op Invitatioun vum Mobilitéitsministère ass d'Katja Diehl, eng Expertin aus dem Mobilitéitssecteur, op Lëtzebuerg komm. Zil war et, eent vun den Themen, déi am Kader vum Plan national de mobilité eng wichteg Roll spillen, nämlech de Leit Alternativen zum Privatauto unzebidden, zesumme mat hir als Expertin a Beroderin ze beliichten an ze beschwätzen. De Ministère gesäit et als seng Roll un, eng konstruktiv Diskussioun iwwert d'Mobilitéit ze fërderen. Nieft der Madame Diehl an dem Minister hunn un der Podiumsdiskussioun als Riedner d'Präsidentin vun enger lëtzebuergescher NGO an ee Professer vun der Uni Letzebuerg deelgeholl. D'Madamm Diehl, déi haaptberufflech Riednerin a Schreftstellerin ass, huet vun der Geleeënheet profitéiert, hiert neit Wierk am Kader vun der Podiumsdiskussioun am Cercle Cité virzestellen.

Am Beräich Kommunikatioun ass et normal, en Event ze promovéieren, fir de Public ze sensibiliséieren. Objet vun deser Promotioun woer eng Podiumsdiskussioun zum Thema „Eng aner Mobilitéit fir liewenswäert Stied". Op der Affiche ass d'Madame Diehl als prominent Gaaschtriednerin an als Schreftstellerin viirgestallt ginn, a wéi bei Schreftsteller üblech, ass an dem Kontext hir bekanntestent Wierk genannt ginn. 340 Euro huet de Mobilitéitsministère ausginn, fir d'Veranstaltung wärend 9 Deeg an de soziale Medien ze „boosten". D'Autorin krut 900 Euro fir hir Participatioun. Donieft goufen, wéi et sech an esou Situatioune gehéiert, och d'Käschte vum Hotel a vum Trajet iwwerholl. Op der Internetsäit vum Katja Diehl (https://katja-diehl.de/alle-infos-zu-meinem-buch-autokorrektur/) kann nogelies ginn, dass d'Schrëftstellerin fir Liesungen an der Regioun 900 Euro netto freet, grad wéi dass d'Organisateure fir d'Transport- an d'Iwwernuechtungskäschten opkomme mussen.

Lëtzebuerg, de 14. November 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch